N°8268
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroen, dass zu New York d'Residenz vum lëtzebuerger Ambassadeur bei der UN grad renovéiert gëtt. Dës Residenz gehéiert dem Staat. Fir d'Zäit vun de Renovatiounsaarbechte lount de Lëtzebuerger Staat aktuell angeblech fir vill Suen een Appartement am Trump Tower op der 5th Avenue. An dësem Gebai huet souwuel den Donald Trump wéi och eng Rei vu senge Familljemember eng Wunneng. Zudeem huet d'Trump Organization an dësem Gebai e Sëtz.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister bestätegen, dass dës Informatiounen der Realitéit entspriechen?
2. Fir wéi vill Dollar gëtt d'Appartement am Trump Tower pro Mount gelount?
3. Wéi laang sollen d'Renovatiounsaarbechten dauere respektiv fir wéi vill Méint gëtt d'Appartement am Trump Tower gelount?
4. Ass de Minister der Meenung, dass et moralesch ze vertrieden ass, dass ausgerechent am Trump Tower eng Wunneng gelount gouf?
5. Ass de Minister der Meenung, dass d'Loune vum Appartement am Trump Tower een diplomatesche Faux-pas duerstellt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

N° 8268
Entrée le 26.09.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn
op d'parlamentaresch Fro N° 8268 vum 29. August 2023
vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Eng Rei Elementer an der Fro vum honorabelen Deputéierten entspriechen net der Realitéit.

Zënter November 2021 gi gréisser Renovatiounsaarbechten ausgeféiert am Gebai vun der Residenz vun der Lëtzebuerger Vertriedung bei de Vereente Natiounen zu New York, wou den Ambassadeur a permanente Vertrieder wunnt. D'Aarbechten an dëser Propriétéit vum Lëtzebuerger Staat sollen Enn 2023 ofgeschloss sinn.

Fir den Ambassadeur a seng Famill während de Renovatiounsaarbechten ze logéieren, lount de Lëtzebuerger Staat en Appartement an engem Gebai op der éischter Avenue dat de Numm „Trump World Tower" dréit. Dëst Gebai ass net ze verwiessele mam „Trump Tower" op der fënnefter Avenue.

D'Appartement ass fir 13.500 US Dollar de Mount vun August 2021 bis Mee 2023 gelount ginn a gëtt fir 15.500 US Dollar de Mount vu Juni bis Dezember 2023 gelount. Déi Wunneng huet ënnert anerem de Virdeel datt se géigeniwwer vum Sëtz vun der UNO ass, souwéi och an der direkter Noperschaft vun der Lëtzebuerger permanenter Vertriedung bei der UNO. Wéinst der Proximitéit mat der UNO wunne vill Diplomaten an deem Gebai. D'Appartement gouf zeréckbehale, well de Rapport qualité/prix gutt war.

Anescht ewéi den „Trump Tower" op der fënnefter Avenue, ass den Donald Trump net Propriétaire vun dësem Gebai. Hie wunnt selwer net do. Et wunnt och kee vu senge Familljememberen do. An d'Trump Organization huet kee Sëtz an deem Gebai. D'Gebai dréit de Numm „Trump World Tower" well den Här Trump, deen ee vun de Promoteure war deen d'Gebai baue gelooss huet an de Joren 1999-2001, dem Gebai deen Numm ginn huet.

Lëtzebuerg, den 26. September 2023

Den Aussen – an Europaminister
(s.) Jean Asselborn